N°2272
Entrée le 26.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vum Sportsminister a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n°2272 vum 30. Abrëll 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement**

1. **Ass d'Finanzéierung vu staatleche Subventiounen iwwer méi Joer ouni spezifescht Gesetz konform mat dem Artikel 117 (4) vun der Verfassung?**
2. **Sinn d' Ministeren der Meenung, dass d'Subventionéierung vun de Sportskoordinatoren, esou wéi se an der Circulaire ministérielle n°2025-017 virgesinn ass, eng gesetzlech Basis brauch?**
3. **Wéi gëtt de Ministère des Finances a Froe vun "sécurité juridique" consultéiert, wann nei Subventiounsmechanisme fir Personal a Gemengen oder Gemengesyndikater agefouert ginn?**
4. **Wäert de Finanzministère als kompetent Autoritéit aktiv ginn, fir sécherzestellen, dass bei de Sportskoordinatoren eng gesetzlech Basis geschaf gëtt, esou wéi et fir de Klimapakt, Naturpakt an de Pakt vum Zesummeliewen de Fall ass?**
5. **Am Fall wou eng gesetzlech Basis neidesch ass, kënnen dann iwwerhaapt bis zu dem Akraafttriede vun dem Gesetz Ausgabe gemaach ginn, ouni déi neidesch gesetzlech Basis?**
6. **Wéi evaluéiert d'Regierung déi aktuell Praxis, wou verschidde Ministèren ënnerschiddlech Usätz hunn, wat d'gesetzlech Verankerung vun hire Subventiounsprogramme betrëfft?**

Virop ass ze betounen, dass all Ministère verantwortlech ass fir déi Ausgaben, déi a säi Kompetenzberäich falen.

Laut internem Regierungsreglement baséierend um Artikel 92 vun der Verfassung ass de Sportsministère zoustänneg fir d'Sportskoordinatoren.

An dësem Kontext verweise mir op den Artikel 9 vum ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005, dee virgesäit, dass "*Avec des fonds déterminés annuellement par la loi budgétaire, l'Etat accorde des aides financières pour les activités sportives, pour l'encadrement technique, ainsi que pour l'administration du sport.*"

Am Sënn vu méi Transparenz gëtt et zanter dem Budgetsgesetz 2025 och ee spezifesche Budgetsartikel. Fir d'Ausféierung vum Budget applizéiert sech d'Gesetz um 8. Juni 1999 iwwer d'Staatscomptabilitéit.

**Lëtzebuerg, den 23. Mee 2025**

Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo